N°2363
Entrée le 22.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER

Chamberspresident

LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Sportminister weiderzeleeden:

*„Safeguarding am Sport bedeit, Kanner, Jugendlecher an aner vulnerabel Persoune viru Mëssbrauch, Gewalt a Mobbing ze schützen. Et geet drëm, am Sport e séchert a respektvollt Ëmfeld ze garantéieren, wou all Participanten sech wuel fille kënnen.*

*An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 408 vum Mäerz 2024 huet den Här Minister uginn, datt seng Servicer un engem nationale Plang fir Safeguarding am Sport schaffen an datt Gespréicher mat der ALAD am Gaang wieren, fir eng onofhängeg Ulafstell ze schafen, esou wéi et am Koalitiounsprogramm 2023-2028 festgehale gouf. An engem nächste Schrëtt hat den Här Minister am Kader vum Budget 2025 confirméiert, datt d'ALAD offiziell mat der Missioun beoptraagt gouf, d'Integritéit am Sport ze garantéieren.*

*Am Kader vun der Transparenz a fir d'Weiderverfollegung vun dësem wichtege Sujet wollt ech dem Här Sportminister follgend Froe stellen:*

1. *Kann den Här Minister schonn eppes iwwert de Stand vum nationalen Aktiounsplang fir de Safeguarding soen? Wéini kéint mat enger offizieller Veréffentlechung respektiv der Ëmsetzung gerechent ginn?*
2. *Gëtt et mëttlerweil eng Ulafstell bei der ALAD, déi konkret Fäll vu Mëssbrauch am Sport opfänkt a begleet? Falls jo, wéi gesäit d'Organisatioun dovun aus (Personal, Ressourcen, Missiounen)?*
3. *Aktuell existéiere keng Statistiken oder Etuden, déi de Phenomen vu physeschen oder moraleschen Abusen am lëtzebuergesche Sportsecteur dokumentéieren. Ass geplangt, esou Donnéeën z'erhiewen?*

4. *Gouf d'Sensibiliséierung an d'Formatioun vun Traineren zënter Mäerz 2024 konkretiséiert oder ausgebaut, besonnesch am Kontext vun der LUXQF3-Formatioun?*
5. *Hunn et zënterhier Sensibiliséierungscampagnë ginn, déi sech explizitt un d'Sportler*innen, Trainer*innen, Elteren oder Veräiner riichten? "*

Mat déiwem Respekt,

Mandy MINELLA
Deputéiert